Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Avis: Handyverbuet an de Schoulen

Fir d'Rentrée 2024/2025 huet de Bildungsminister Claude Meisch ugekënnegt wëllen d'Handy'en an de Schoulen ze reduzéieren oder/a komplett ze verbidden.

Mir begréissen, datt de Bildungsminister eis op eng Entrevue iwwert Digitaliséierung an de Schoulen am Juli 2024 invitéiert huet. Als national Schülerkonferenz hu mir an deier Entrevue och eis Revendicatioune presentéiert.

Am Fondamental soll et e generellen Handyverbuet ginn. Als CNEL fanne mir, datt déi Mesure der Situatioun an de Primärschoule gerecht ass, well d'Kanner oft ze frei a Kontakt mam Handy kommen an d'Risike vun der Benotzung vum Handy net ëmmer verstinn.

D'Lycéeë kënne selwer Reegelen definéieren an e Konzept schafe fir den Handy komplett oder deelweis ze limitéieren. D'CNEL ass géint e generellen Handyverbuet an de Lycéeën.

Déi Mesure passt net zur eiser Generatioun an nach manner zu eisem Joerhonnert wou e Smartphone e wichtege Bestanddeel an eiser Gesellschaft ass. Zum Beispill muss et de Schüler weiderhin erlaabt sinn ausserhalb vun de Coursen erreechbar ze sinn.
Oft mussen d'Schüler mat hiren Elteren, mat hirem Dokter, mat hirem Trainer, hirem Benevolat oder mat hirem Patron a Kontakt bleiwe fir sech s'organiséieren oder Imprevuen ze léisen. Mir Schülervertrieder ginn zum Beispill och oft wärend eiser Schoulzäit kontaktéiert a mussen heiansdo séier reagéieren.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Dobäi ass den Handy e flotten *Outil de Travail* a vill Lycéeë funktionéieren och deels digital. Zum Beispill ass de Stonneplang komplett digitaliséiert (Webuntis) a Kommunikatioun tëschent de Schüler a Proffe leeft ganz vill iwwert Teams a Mailen. Net all Schüler huet eng Tablett an d'Fro déi sech CNEL elo stellt ass op mir dann elo vun enger moderner Schoul nees e Schrëtt zréck ginn? Oder wäerten elo Schüler gezwonge gi réischt kennen doheem hir Schoulmailen ze traitéieren? Wou ass dann de *Droit de la déconnexion* fir Schüler no der Schoulzäit?

Mir als CNEL sinn och der Meenung anstatt den Handy komplett an de Lycéeën ze verbidden, misst een iwwerlee wéi een d'Schüler vu selwen vum Handy kritt an se och iwwert Gefore vum Handy sensibiliséiert.

Dofir muss ee mat kreative Léisungen a Methode kommen, andeems een zum Beispill de Kuer méi interaktiv opstellt.
D'Schoule sollen sech och eng Kéier iwwerlee wat si an de Pausen de Schüler ubidden. Hunn se gréng Schoulhäff wou sech d'Schüler gemittlech kennen zesumme setzen? Ginn et an der Schoul Sëtzecke wou d'Schüler zesumme kennen e Gesellschaftsspill spillen oder zesumme schaffen? Gëtt et eng Platz an der Schoul wéi eng Aart Jugendtreff wou d'Schüler eng kreativ oder sportlech Aktivitéit kennen zesumme maachen? Oder wéi wier et puer Kickeren opzestellen? Oder hunn d'Schüler just Méiglechkeet an engem Gang oder eidele Schoulhaff ze hänke wat se invitéiert um Handy ze spillen? Fir eis ass et wichteg dass et Platzen an der Schoul fir Jonker gëtt, déi de sozialen Echange promouvéieren.

Doriwwer eraus, spillt d'Opklärung eng wichteg Roll: Wat si Geforen a Virdeeler vun engem Smartphone? Firwat ass et wichteg den Handy och eng Kéier op Säit ze leen? Wéi soll ee mat de Fake News an de soziale Medien ëmgoen? Ass den Internet e meenungsfräie Raum? Wou kann ee Cybermobbing mëllen? Genau ob déi Froe soll d'Schoul sech konzentréieren, well en dat vun doheem aus heiansdo net mat op de Wee kritt.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

D'Lycéeën hunn Zäit, hir Konzepter bis Péngschten auszeschaffen oder z'adaptéieren. D'CNEL rifft Direktiounen dozou op net ze vergiessen déi néi Schülercomitéë, déi elo am Oktober gewielt ginn, mat an Diskussioun an Decisioun anzebannen: Et ass wichteg Meenung vun de Schüler ze respektéiere well et geet eis nämlech direkt un!

Mir liewen an enger Welt wou Digitaliséierung an déi verschidden technesch Fortschrëtter eng wichteg Plaz hunn. Mir kommen net dolaanscht, se gehéiert halt zu eiser Zukunft. D'Notze vun deenen digitalen Outile gëtt eis en Abléck op déi digital Welt déi eis spéiderhin am Beruffsliewen erwaart, dofir ass et wichteg schonn an der Schoulzäit domadder a Kontakt ze kommen.

An heiansdo musse mir Schüler schmunzele wann déi Erwuessen eis soe mir géifen ze vill um Handy hänken, sinn et net grad och déi Erwuessen déi eis et esou virliewen? De Smartphone ëmmer ze benotzen ass net nëmmen e Problem deen an de Schoulen existéiert, mee deen am Grousse Ganzen e gesellschaftleche Problem ass.

Dany Semedo
President vun der CNEL

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu